obeler fenneng:beetebuerg: huncherengs näerzeng
eis gemeng

horizont eng kloer visioun
kultur fir d'kultur vu muer

# Horizont Kultur – Eng Kulturstrategie fir d'Gemeng Beetebuerg

## Een dynamescht Kulturliewen zu Beetebuerg

D'Kultur zu Beetebuerg zeechent sech aus duerch hir **Villsäitegkeet**, **Diversitéit** an **Dynamik**. Vill Veräiner, Organisatiounen an Institutiounen droen dozou bäi, dass Kultur a ville Forme gelieft gëtt – vun traditionelle Manifestatioune bis zu innovative Projeten.

Mee et stelle sech eng Rei wichteg Froen:

- Erreechen déi kulturell Aktivitéiten **all d'Awunner**?
- Wéi eng **Ënnerstëtzung** brauchen d'Veräiner fir sech un déi **aktuell Entwécklunge** kënnen unzepassen?
- Wéi ka **kulturell Innovatioun** gefërdert ginn?
- Wat fir **Prioritéite** soll d'Gemeng setzen, fir d'Kultur ze stäerken?

Fir op dës Erausfuerderungen ze reagéieren schafft d'Gemeng Beetebuerg, zesumme **mat allen Acteuren an den Awunner**, eng **Kulturstrategie** aus.

Op dëser Säit informéiere mir Iech iwwer all d'Schrëtt vun dësem Prozess.

## Ee gemeinsaamt Engagement fir déi kulturell Zukunft

D'Ziler vun der Kulturstrategie sinn:

- D'**Entwécklunge** vun eiser Kultur an den nächste Joren **orientéieren**,
- Eng **nohalteg an inklusiv kulturell** Offer garantéieren,
- D'Kultur als **zentraalt Element vum Zesummeliewen** zu Beetebuerg verankeren.

D'Kulturstrategie wäert sech op follgend Elementer stäipen:

- E **klore Kader fir d'Aarbecht an de kommende Joren**,
- Ee **Plang iwwert e puer Joren**, fir dat kulturellt Liewen ze stäerken,

Eist Zil ass kloer: D'Kultur soll **vereenegen**, **d'Diversitéit reflektéieren** a weiderhin eng **zentral Roll am Gemengeliewe** spillen.

# E kollaborative Prozess a verschiddenen Etappen

Zesumme mat de Bureaue **Stoldt Associés** an **WW+** schafft d'Gemeng un engem **struktureéierten a kooperative Prozess**, mam Zil eng realistesch an nohalteg Kulturstrategie auszeschaffen.

**1. Analys a Bestandsopnam (Mäerz – Mee 2025)**
An dëser éischter Phas geet et drëms, **e kloert Bild vun der aktueller Kultursituatioun** an der Gemeng ze kréien.

- **Entrevue mam Schäfferot**:
  Diskussioun iwwert déi **kulturell Visioun**, d'**Erwaardungen**, am Aklang mat der Schäfferotserklärung.

- **Ëmfro bei lokale kulturellen a soziale Veräiner an Acteure betreffend**:
  - hir **Bedierfnisser,**
  - déi **aktuell kulturell Offere**,
  - hier **Projeten, Iddien an Ambitioune** fir d'Zukunft.

- **Gespréicher mat lokale Kulturexperten**:
  Austausch mat **Persounen, déi d'Kulturzeen zu Beetebuerg gutt kennen** – Professioneller, Benevollen, Bierger oder einfach kulturell Interesséiert.

- **Gespréicher mat nationalen a regionale Partneren**:
  ewéi z.B. dem Kulturministère, dem Tourismusministère a ProSud, fir de Projet an **déi national/regional Dynamiken anzebannen** an och vun hirer Analyse betreffend eis lokale Praktiken ze profitéieren.

- **Strategesch Analys**
  Opschaffe vun de verschiddenen Erkenntnisser an Oplëschte vun de **Stäerkten, Schwächten, Chancen, Risike** betreffend eis aktuell kulturell Landschaft.
  Och hei ëmmer mam Fokus op **Inklusioun**, **Diversitéit** a **Accessibilitéit**.

Een **Tëschebilan** wäert dës Phas ofschléissen a d'Basis fir déi nächst Schrëtt leeën.

**2. Ateliere mat politeschen a kulturelle Responsabelen (Juni 2025)**
Dës Etapp mobiliséiert eis **lokal politesch a kulturell Institutiounen** a wäert ënnert anerem op de Resultater vun der Analys (ënnert Etapp 1) opzebauen.
**Participanten**:

- Membere vum **Gemengerot**,
- **Berodend Kommissiounen**,
- **Gemengeservicer**,
- **Responsabel vun de kulturellen a soziale Veräiner an Institutiounen.**

**Objektiver**:

- **Resultater** aus der Analys (Etapp 1) **deelen an diskutéieren**,
- konkret **Besoine festhalen**,
- hëllefe **konkret Virstellunge** fir d'Kulturstrategie ze formuléieren.

Dës Atelieren hëllefen, **eng gemeinsam Perspektiv tëschent Politik a Praxis** ze formuléieren.

**3. Biergerbedeelegung** (Juli – November 2025)
D'Bedeelegung vun de Bierger ass een zentralen a grondleeënde Bestanddeel am Ausschaffe vun der Strategie. Nëmmen esou gëtt garantéiert datt d'Strategie vun der **breeder Populatioun gedroe** gëtt.

- **Ëmfro bei der Populatioun**:
  Am Summer gëtt eng Ëmfro gemaach, fir d'Meenungen an d'Iddie vun den Awunner zur Kultur zu Beetebuerg ze sammelen.
  All Persoun **vu 16 Joer u krut e perséinleche Bréif**, fir matzemaachen.

- **Partizipativ Workshoppen** *(*September – November 2025*)*:

  - **22. September 2025 | 18:30 | KulTourhaus** → fir Persounen ab 16 Joer
  - **22. November 2025 | Maison des Jeunes** → fir Persounen tëschent 12 a 26 Joer

An dësen Ateliere kënnen eis Bierger sech aktiv um Ausschaffe vun der Strategie bedeelegen. Hei kënne si hir eegen Iddien a Besoine mat abréngen a sech zu de verschiddenen Theemeberäicher äusseren.

**4. Ausschaffen a Presentatioun vun der Kulturstrategie** (Enn 2025 – Ufank 2026)
Op Basis vun allen Erkenntnisser aus de viregte Phase formuléiert d'Gemeng, zesumme mat **Stoldt Associés** an **ww+**, eng **strukturéiert a lokal verankert Strategie**.
Dës Strategie enthält:

- Eng **gemeinsam definéiert kulturell Visioun** fir Beetebuerg, am Respekt vun Inklusioun, Accessibilitéit, Qualitéit an Nohaltegkeet,
- **Entwécklungsprioritéiten**, déi aus den Erkenntnisser aus de verschiddenen Etappen ermëttelt ginn,
- **Kloer definéiert Objektiver fir dës Visiounen à court an à long terme ëmzesetzen,**
- E **konkreten Aktiounsplang** fir dës Objektiver ëmzesetzen.

Zum Schluss gëtt d'Strategie **der Ëffentlechkeet an alle Partner virgestallt**.